# veräins buet

## Spezial Editioun

GEMENG manternach



01 FC Berdenia Berbourg 6
02 DT Berbuerg 8
03 BBC East Side Pirates 10
04 Elvere 12
05 Photoclub Mandiac 13
06 Fit Fiissercher 14
07 Let's Dance 16
08 Tromp Aus 17
09 Berbuerger Bitzbeien 18
10 Fiischen-Bitz-Treff 19
11 Classic Vehicle 20
12 Fraen a Mammen 22
13 Rudden Hunn 23
14 SI Manternach 24
15 Mënjecker Kueben 26
16 Geschichtsfrënn Manternach 27
17 Pompjeen Manternach 28
18 Chorale St Cécile 29
19 Bech Berbuerger Musek 30
20 SI Berbourg 32
21 Chess-Atmosphere 33

# Impressum

**De Veräinsbuet**
Offiziellt Informatiouns-Blat
N°2/2021 vun der Gemeng Manternach

**Responsablen Editeur**
Schäfferot vun der
Gemeng Manternach

**Layout**
Marc Wilmes Design
**Oplag** 850 Ex.

**Drock**
Imprimerie Reka
L-4835 Ehlerange

MADE IN LUXEMBOURG
KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech
PRINTED IN LUXEMBOURG


AUS DER
GEMENG
VERÄINER
AUS DER
GEMENG

# Virwuert vum Schäfferot

## Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Mat dëser ganz spezieller Editioun, déi ënnert dem Motto „Veräinsliewen an der Gemeng Manternach“ steet, ass de Schäfferot houfreg, iech de neien Design vum Manternacher Buet ze presentéieren. No ville Jore mat plus ou moins dem selwechte graphesche Konzept, ware mir der Meenung, et wär un der Zäit, fir e frësche Wand eranzebréngen. No ville Concertatioune mam Büro „Marc Wilmes Design“ ass dësen Design eraus komm. Mir hoffen, dass dat neit graphescht Konzept iech genau sou gutt gefält wéi eis.

**De ganz „normale“ Buet wäert och weiderhi reegelméisseg am Joer an d’Haiser verdeelt ginn. Déi nächst Editioun ass fir an de nächste Woche geplangt.** Well mir awer an eiser Gemeng glécklecherweis e ganz aktiivt Veräinsliewen hunn, dat ënnert der Corona-Pandemie leider staark gelidden huet, ware mir der Meenung, et wär un der Zäit, eis Veräiner op dësem Wee eng Kéier ze presentéieren. Mir hunn dofir all Veräin aus der Gemeng kontaktéiert a fir si eng Aart Froebou ausgeschafft, deen hinnen et erlabe soll, sech beschtméiglechst ze presentéieren.

Säit de leschte Wale war et eng vun de Prioritéite vum Schäffe-rot, d’Veräinsliewen an der Gemeng weider ze promo-véieren an dës och nach méi, souwuel finanziell a materiell, wéi awer och moralesch ze ënnerstëtzen. Aus dem Grond hu

## *Chères concitoyennes, chers concitoyens,*

*À travers cette édition très spéciale, placée sous le signe de „Veräinsliewen an der Gemeng Manternach“, le collège échevinal est fier de vous présenter le nouveau design du Gemengebuet de Manternach. Après avoir été fidèles au même concept graphique pendant de nombreuses années, nous étions d’avis qu’il était temps d’apporter un coup de fraîcheur. C’est chose faite avec ce nouveau design qui a vu le jour après de nombreux échanges avec l’agence „Marc Wilmes Design“. Nous espérons qu’il vous plaira autant qu’à nous.*

***Le Gemengebuet „classique“ sera bien évidemment distribué dans vos boîtes aux lettres tout au long de l’année. La prochaine édition sortira dans les semaines à venir.*** *Puisque notre commune connaît une riche vie associative, qui a malheureusement beaucoup souffert pendant la pandémie du coronavirus, nous pensions qu’il était intéressant de mettre en lumière nos clubs et associations à travers une édition spéciale. Tous les clubs et associations ont donc été contactés et un formulaire leur a été proposé pour leur faciliter leur présentation.*

*Depuis les dernières élections, l’une des priorités du collège échevinal est de promouvoir la vie associative de la commune et d’apporter aux clubs et associations un soutien non seulement financier et matériel, mais également moral. Raison pour laquelle*

mir d’Subside fir d’Veräiner erhéicht an dës gläichzäiteg u Krittären, wéi zum Beispill eng Bedeelegung um soziale Liewen an der Gemeng, gebonnen. **Mir hunn och versicht, d’Jugendaarbecht an de Veräiner duerch speziell Subside fir qualifizéiert Trainere weider ze férderen.**

Mir sinn der Meenung, dass et fir déi sozial a gesellschaftlech Entwécklung vun de Kanner ka wichteg sinn, sech a Veräiner anzeschreiwen. Mee do mécht natierlech jidderee wéi e wëllt. Weiderhi stelle mir de Veräiner eis Infrastrukture fir all d’Fester, déi fir d’Allgemengheet sinn, gratis zur Verfügung. Mir versichen och a verschiddene Reuniounen oder Kontakter mat de Responsabele gewuer ze ginn, wou et nach Problemer ginn a wéi mir dës léise kënnen. Gläichzäiteg hu mir och probéiert, duerch Manifestatioune wéi dem Berbuerger Maart oder der Nuit du Sport, d’Veräinsliewe weider héichliewen ze loossen.

**Op der anerer Säit bidden d’Veräiner awer och eng enorm Plus-value fir d’Gemeng: si sinn ee ganz aktiven Deel vum sozialen, sportlechen a kulturelle Liewen an eiser Gesellschaft.** Weiderhi si si och Vertrieder vun eiser Gemeng no baussen, an dofir ass et fir eis immens wichteg, gutt mat hinnen alleguer zesummen ze schaffen. Mir sinn houfreg op alles wat si leeschten a soen alle Leit, déi an de Veräiner engagéiert sinn, e grousse Merci. De Benevolat ass hautdesdaags keng Selbstverständlechkeet méi, an dofir si mir ëmsou méi frou, dass et hei an der Gemeng ganz vill Benevolen an de Veräiner ginn, déi vill vun hirer Fräizäit afferen. Mir soen hinnen all Merci fir hier grouss Disponibilitéit an Hëllefsbereetschaft bei allem, wat an der Gemeng geschitt.

**Dofir soll dëse spezielle Buet hinnen d’Méiglechkeet ginn, sech nach besser no baussen ze presentéieren an sou eventuell och nei Memberen unzezéien.**

Mir wënschen iech vill Freed beim Duerchliese vum Buet a wann dir un engem Veräin interesséiert sidd, zéckt net, dësen ze kontaktéieren. Wärend dem Dag kënnt dir och vun eisem Ruffbus profitéieren, fir iech oder är Kanner op den Training / an d’Prouf oder an eng Versammlung ze féieren.

*nous avons augmenté le montant des subsides alloués aux clubs et associations. Ces subsides doivent répondre à certains critères, par exemple la participation à la vie sociale de la commune.* **Nous avons également souhaité promouvoir davantage le travail auprès des jeunes dans les clubs et associations, en octroyant des subsides spécifiques aux entraineurs qualifiés.**

*En effet, nous sommes convaincus que l’inscription à un club ou une association joue un rôle important dans le développement social des enfants. De plus, nous continuons à mettre gratuitement à la disposition des clubs et associations nos infrastructures pour les fêtes destinées au grand public. Lors des différentes réunions et dans les échanges avec les responsables des clubs et associations, nous sommes toujours à l’écoute et mettons tout en œuvre pour trouver une solution à un éventuel problème. En même temps, nous avons voulu faire revivre la vie associative en organisant des évènements, tels que le Berbuerger Maart ou la Nuit du Sport.*

**Sans oublier que les clubs et associations apportent une énorme plus-value à la commune : ils jouent un rôle très actif dans la vie sociale, sportive et culturelle de notre société. Ils représentent également notre commune à l’extérieur.** *Il est donc indispensable pour nous de travailler main dans la main avec eux. Nous sommes fiers de tout ce qu’ils ont accompli et nous remercions toutes les personnes engagées auprès de ces clubs et associations. De nos jours, le bénévolat n’a rien d’évident, nous sommes donc d’autant plus heureux de pouvoir compter sur de nombreux bénévoles dans les différents clubs et associations qui prennent sur leur temps libre. Un grand merci à eux pour leur disponibilité et leur solidarité, et pour tout ce qu’ils font pour notre commune.*

**Avec ce Gemengbuet spécial, nous souhaitons donner de la visibilité aux clubs et associations et leur permettre d’attirer de nouveaux membres.**

*Nous vous souhaitons une agréable lecture de ce Gemengebuet. N’hésitez pas à contacter directement les clubs et associations qui ont suscité votre intérêt. En journée, pensez à profiter de notre Ruffbus pour vous rendre, vous ou vos enfants, à un entraînement, un cours ou une réunion.*

**Jempi Hoffmann**
Buergermeeschter

**Alix Klein-Ungeheuer**
Schäffin

**Claude Theisen**
Schäffen

## Numm vum Veräin:
FC Berdenia Berbourg

## Gegrënnt:
1948 (zënter 1999 als asbl agedroen)

## President:
Raoul Schummer

## Sekretär:
Raymond Lahr

# FC Berdenia Berbourg

## Beschreiwung vum Veräin

Den FC Berdenia Berbourg ass ee vu de gréisste Veräiner aus der Gemeng an ass als Fussballveräi bei der FLF affiliéiert. Zënter 2005 si mir am Stade Renert doheem a kënnen op engem syntheeteschen an engem schéine Grasterrain (mat Buvette an Tribünen) Fussball spillen. Mir hunn zwou Seniors-equippen an eng Veteranenequipe. **Zënter 2015 hu mir eng Entente am Jugendberäich mat den Nopeschveräiner CS Grevenmacher an FC Jeunesse Biwer** mat 15 Equippe queesch duerch all Altersklassen.





## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

**300 Memberen dovunner knapp 200 Lizenzéierter.** An eiser Jugendentente spille ronn 200 Kanner a Jugendlecher vun deenen 3 Veräiner.

## Gréissten Erfolleger

Opstig 2020 an d'Éierepromotioun, déi zweethéchste Liga zu Lëtzebuerg.







## Aktivitéiten – Trainingen

Op eisen Terrainen ass ënnert der Woch all Dag Training vun deenen eenzelne Seniors- a Jugendequippen. De Weekend fanne gemengerhand d'Kompetitiounsmatcher statt. Sonndes mëttes op engem Match vun der éischter Equipe hu mir am Duerchschnëtt 200–300 Zuschauer. **Doriwwer eraus organiséiert de Veräin eng Rei Fester a Manifestatiounen, wéi zum Beispill den Eelefmetertournoi „Kings of Penalty" oder eisen traditionelle Mullenowend an nach villes méi.**

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Beim FC Berdenia gëtt net nëmmen Fussball gespillt, mee jiddereen, deen an oder rondrëm de Veräin ass, gehéiert zu der Bärefamill. De Bär ass zënter e puer Joer eist Maskottchen an trount op der Tribün. Nieft der sportlecher Leidenschaft ass et virun allem och dat soziaalt a kollegiaalt Zesummesinn, wat d'Leit am Veräin verbënnt. Dëst erlieft een net nëmmen um Terrain, mee och dernieft wou schaffen a feieren oft matenee verbonne gëtt.

**Website**
www.berdenia.lu
berdenia.berbourg

**Kontakt:**
info@berdenia.lu



**Numm vum Veräin:**
D. T. Berbuerg

**Gegrënnt:**
1975

**President:**
Fränz Schmit

**Sekretärin:**
Laurence Scholtes

# D. T. Berbuerg

## Beschreiwung vum Veräin


Den Dësch-Tennis Berbuerg probéiert an enger kollegialer a familiärer Stëmmung d'Freed an de Spaass um Dëschtennis am Jugend- an am Erwuesseneberäich ze vermëttelen. Eise Veräin bedeelegt sech mat 7 Seniors- a 4 Jugend-equippen um Championnat. Eis 1. Equipe spillt an der Nationaldivisioun, eis 2. an der Natio-nale 2 an eis aner Equippe spillen a verschid-denen Divisiounen ënnendrënner.



## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

Aktuell ëmfaasst den D.T. Berbuerg eng Gesamtzuel vun **68 aktive Memberen.**
Dës Zomm dréit sech aus 25 Jugendspiller an 43 Erwuessener zesummen.







## Gréissten Erfolleger

**Gewënner vun der Coupe „Frantz Think“**, Saison 00/01 an 15/16
**Gewënner vun der Coupe „Challenge de la Fédération“**, Saison 17/18 an 18/19
**Gewënner Coupe des Jeunes**, Saison 00/01
**Gewënner Coupe FLTT**, Saison 98/99
**Landesmeeschter am Championnat „Minimes“**, Saison 20/21
**Semi-Finalist Coupe de Luxembourg**, Saison 20/21
**Platz 4. an der Nationaldivisioun**, Saison 19/20

## Aktivitéiten – Trainingen

**Jugendtraining:**
Méindes a Mëttwochs, 18h00-20h00, mat qualifizéierten Trainer

**Programm fir d’Erwuessener:**
Méindes 20h00-22h00 an Donneschdes 19h30-21h30, mat qualifizéierten Trainer

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Den D.T. Berbuerg straalt eng eemoleg familiär, locker an onkompliziéiert Atmosphär aus a steet fir e groussen Zesummenhalt ënnert eise Memberen. Déi Loyalitéit zum Veräin beweist z.B. d’40 Joer laang geféierten Presidence vum Här Guy THILL.





**Kontakt:**
secretariat@dtberbuerg.lu
oder op Facebook

## Numm vum Veräin:
East Side Pirates Berbuerg – Waasserbëlleg

## Gegrënnt:
2014
Fusioun zwëschent Berbuerg a Waasserbëlleg:
Den Avenir Berbuerg gouf 1979 gegrënnt, an de BBC Les Espérants Wasserbillig 1961.

## President:
Klein Henriette

## Sekretärin:
Befort Noémie

# BBC East Side Pirates

## Beschreiwung vum Veräin

Mir bidden zu Berbuerg an zu Waasserbëlleg Basketstraininger a Matcher am Jugend- an am Seniorsberäich un.

## Gréissten Erfolleger

**Coupe FLBB Hommes:**
1993 / 1995 / 2015 / 2020

**Coupe FLBB Dames:**
1988 / 2006 / 2009 / 2014 / 2018

**Coupe Commémorative:**
(Div. 1): 1968 / 1985


**Coupe des Filles-Scolaires:** 1989

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

**150 aktiv Memberen**

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Eng motivéiert Equipe vun Trainere bitt Traininger am Jugend- an am Seniorsberäich un. Net nëmmen um Terrain, mee och niewent dem Terrain stinn d'East Side Pirates fir Teamgeescht a Spaass um Sport. Ob Grouss oder Kleng, jiddereen dee sech och vun eisem Basketsféiwer wëll ustieche loossen, ass häerzlech wëllkomm bei eis op en Training schnupperen ze kommen.















## Website

www.eastsidepirates.lu

## Kontakt:

befort.noemie@eastsidepirates.lu
Tel.: 621 521 449
oder via Facebook

**Website:**
www.elvere.lu
Elvere

**Kontakt:**
info@elvere.lu

**Numm vum Veräin:**
ELVERE –Elterevereenegung Rénert Bech / Manternach

**Gegrënnt:**
2007

**President:**
Sandra Schu

**Sekretär:**
Eric Buttini

# Elvere

## Beschreiwung vum Veräin

**Eise Veräin huet folgend Aufgaben**

1. Vertriedung vu Bildungs- a Familljen-interesse vun den Elteren a Schüler am Enseignement Precoce, Prescolaire a Fondamental vun de Gemenge Bech a Manternach, an Iwwerteneestëmmung mat de gültege Bildungs-Gesetzer a Veruerdnungen an eisem Land.
2. De kontinuéierlechen Dialog téscht Elteren op der enger Säit an Enseignanten, Schüler a Schoulautoritéiten op der aner Säit.
3. De Schoulautoritéiten d'Virschléi vun den Elteren a punkto Schoulverwaltung a Schoulorganisatioun iwwerdroen.
4. De Kontakt an de Meenungsaustausch téschent Elteren an Enseignantë förderen.
5. Froestellungen a punkto Ausbildung vun de Schüler, Rechter a Flichte vun der Famill ënnersichen.

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

75 Familljen

## Aktivitéiten – Trainingen

Schwammcoursen: All Trimester proposéiert eise Veräin Schwammcoursë fir Kanner vu 5 Joer un. Dës Coursë sinn an der Schwämm vu Biwer. Se gi gehale vun der „Schwammschoul Delphin" vun Tréier.

Accueil vun de Kanner aus dem Cycle 2.1 den éischte Schouldag mat Choky a Mëtschen.

„Kanner" – Second-Hand Maart: all Joer am Ufank vum 2ten Trimester.

Schoulfest: De leschte Freideg vum Schouljoer organiséiert d'ELVERE d'Schoulfest.

„Science Week": All 3 Joer organiséiere mir eng Woch an der Schoul wou d'Schüler vun de Cycle 2, 3 a 4 op d'Naturwëssenschafte sensibiliséiert ginn. Zesumme mam „natur musée" ginn edukativ an didaktesch Atelieren ugebueden.

Babysitter-Coursen: **reegelméisseg bidde mir Babysitter-Coursen un fir Jugendlecher ab 15 Joer an Zesummenaarbecht mat Erzéiungs- a Familljeberodung asbl.** D'Jugendlecher déi matmaache kréien eng offiziell Bescheinegung als Babysitter.

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

D'Joresgewënner vum Veräin duerch seng Aktivitéiten a Memberscotisatioune fléissen an d'Schoulorganisatioun duerch de Kaf vun Informatiksmaterial, didaktesche Material an änlechem.

### Numm vum Veräin:
Mandiac a.s.b.l.

### Gegrënnt:
1964

### President:
Alex Haag

### Sekretär:
Jacques Frank

# MANDIAC

## Beschreiwung vum Veräin

Mir sinn e Fotosclub dee mat engem gutt equipéierte Fotostudio all aktive Memberen d'Méiglechkeet gëtt Shootingen, Portaiten a Gruppe-fotoen ze maachen. Mir sinn awer och dobaussen an der Natur oder an urbanem Ëmfeld, wéi z.B. Streetfotographie ënnerwee. De Fotosclub Mandiac ënnerstëtzt och d'Gemeng Manternach andeems mir all d'Evenementer a Fester déi an der Gemeng stattfanne fir d'Archiven oder Publikatioune fototechnesch festhalen.

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)


10 Fotografen

## Aktivitéiten – Trainingen

Mir treffen eis am Clubsall zu Lelleg all 1–2 Méint. Mir maachen awer och geleeëntlech Ausflich 2–3 mol am Joer.

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Mir tauschen Informatiounen ënnert eneen aus, sief et vun technescher Natur oder vu flotten Evenementer. All eis Memberen, ob Erfahren oder Ufänger, kënnen d'Technike vun der Fotografie vun dobannen, sou wéi vun dobaussen un Hand vu praktesche Beispiller erklären.



### Website:
500px.com/mandiac64

### Kontakt:
+352 621 190 417
jacques.frank@pt.lu

## Numm vum Veräin:
Fit Fiissercher Manternach, asbl

## Gegrënnt:
Den 11.7.2003 ënnert dem haitegen Numm gegrënnt an der Nofolleg vum 1985 gegrënnten Dammen-Turnveräin „Gym 2000".

## President:
Zur Zäit ass de Poste vakant

## Sekretärin:
Irene Schultz-Gerstein

# Fit Fiissercher Manternach

## Beschreiwung vum Veräin

Mir organiséiere wöchentlech Fitness-, Réckenturnen- a Yoga-coursen am Centre Fiisschen zu Manternach. Vum Hierscht 2021 u kommen och nach Nordic-Walking Coursen derbäi.

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

**39 Membere sinn an de Coursen ageschriwwen**, dovu schaffen der 7 aktiv am Kommitee mat (Sekretärin Irene Schultz-Gerstein, Trésorière Yvette Scholtes, Dominique Chaumaz, Marylène Heinz-Kayser, Marie-Claire Huberty, Pascale Scholtes, a Carole Weis).

## Aktivitéiten – Trainingen

Säit méi wéi 35 Joer trainéiere fitness- an / oder yogabegeeschtert Dammen an Häre vu 16 Joer un mat eisen Trainerinnen am Fiisschen zu Manternach. Fir och e Sport am Fräien ubidden ze kënnen, komme vum nächste September un och nach 2 Nordic-Walking-Coursen derbäi.



## Programm vun der Saison 2021-2022:

| Cours (Sprooch) | Wochendag | Zäit | Ufank vum Cours | Bäitrag Saison |
|---|---|---|---|---|
| Nordic Walking (L,D,FR) | Méindes | 18:00h - 19:00h | 20.09.2021 | 150,- € |
| Fitness (L) | Dënschdes | 19:30h - 20:30h | 21.09.2021 | 150,- € |
| Réckefitness (L) | Mëttwochs | 19:00h - 20:00h | 22.09.2021 | 150,- € |
| Yoga Ufänger (D) | Donneschdes | 17:30h - 19:00h | 23.09.2021 (Komplett – Aschreiwen op eng Waardeléscht ass méiglech) | 225,- € |
| Yoga Fortgeschrëtte (D) | Donneschdes | 19:30h - 21:00h | 23.09.2021 (Komplett – Aschreiwen op eng Waardeléscht ass méiglech) | 225,- € |
| Nordic Walking (L,D,FR) | Samschdes | Nomëttes | 10 Terminer pro Saison | 120,- € |



### Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Dat wichtegst Uleies vun de Fit Fiissercher war vun Ufank un zu Manternach interessant Méiglechkeeten unzebidde fir all Leit, déi gären zesummen am Veräin trainéieren an eppes fir hir kierperlech Fitness maachen.

**Wichteg ass ons dobäi, dass eis Memberen hiren Training an enger flotter a sympathescher Ambiance absolvéiere kënnen.** Dozou droen eis Monitricen e gutt Stéck bäi, hinne geléngt et ëmmer nees op en Neits duerch attraktiv a lieweg Coursen ze motivéieren an ze begeeschteren.

Natierlech goufen och eis Course säit dem Ufank vun der Pandemie uerg an hirem normalen Oflaf behënnert, mee zanter dem leschte Januar bidde mir d'Fitness a Yoga-Coursen online un, eng Léisung déi vu ville Membere gären ugeholl gouf an hinnen eng flott Ofwiesslung iwwert déi Méint ewech gebueden huet.

Trotzdeem freeë mir eis all drop, eis am Hierscht hoffentlech nees a gewinnter Form am Sall erëmzegesinn. **Schéi wär et natierlech wa mir dann och nach e puer nei Membere begréisse kéinten an duerfir bidde mir och allen interesséierte Leit un, emol gratis an een oder méi Coursen hirer Wiel eranzeschnupperen.** Allerdéngs sinn zur Zäit eis 2 Yogacourse voll beluecht, fir dës 2 Course kann een sech am Moment also just op eng Waardeléscht androen.


### Kontakt:
fitfi.manternach2003@gmail.com

**Numm vum Veräin:**
Let's Dance Manternach

**Gegrënnt:**
2009

**President:**
Ungeheuer Josy

**Sekretärinnen:**
Ungeheuer-Ernzer Josée an Chantal Zschuppe-Thinnes

# Let's Dance Manternach

## Beschreiwung vum Veräin

Mir bidden Aktivitéite fir Jonk an Al un. Eis Course fänken de September un.

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

20 Kanner a 60 Erwuessener

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

De ville Kontakt mat Jonken a manner Jonken an déi gutt Entente ënnereneen.

## Aktivitéiten – Trainingen

**Fir den Hip-Hop:**
Optrëtt a Wiewesch um Wantermaart, Nuetscalvacade Waasserbëlleg, Schoulsportdag a Schoulsportfest zu Berbuerg
**Trainingen:** Den Hip-Hop trainéiert Dënschdes vu 17-20h

**Standartdanzen:** Méindes 19-21h

**Aquacoursen:** Méindeg, Mëttwoch an Donneschdeg an der Schwämm zu Biwer



## Kontakt

**Fir den Hip-Hop:**
Tel: 691 260 365
**Aqua an Danzen:**
letsdancemanternach@gmail.com

**Numm vum Veräin:**
Tromp Aus Asbl

**Gegrënnt:**
24. November 2005

**President:**
M. Carlo Wampach

**Sekretär:**
M. Fernand Schram

# Tromp Aus

## Beschreiwung vum Veräin

Scho virun der Grënnung vun der Tromp Aus Asbl goufen op verschidde Plazen hei am Land Kartentournoien organiséiert, op deene Whist gespillt ginn ass. Well mir selwer an der Famill an ënner Kolleege gäre Whist spillen, an et och flott fannen, un engem Tournoi deelzehuelen, hu mir decidéiert, eisen eegene Kaarteclub ze grënnen.

Dofir gouf 2005 d'Tromp Aus Asbl gegrënnt an an deem selwechte Joer hu mir dann och eisen éischte Whisttournoi organiséiert. Säitdeem organiséiere mir all Joer am Januar ee Whisttournoi, sou wei, säit e puer Joer, am Dezember ee Monte-Carlo Tournoi.



## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

21 Memberen

## Aktivitéiten – Trainingen

All Joer am Januar fënnt eis Haaptaktivitéit, eisen traditionelle Whisttournoi statt, wou mer zesumme mat Whistspiller aus dem ganze Land flott Stonne mat Kartespille verbréngen. Am Dezember ass eisen alljärleche Monte-Carlo Tournoi. Wärend dem Joer kann een och, deen een oder anere vun eise Memberen am Café bäi enger Partie Whist, respektiv Monte-Carlo untreffen.

**Kontakt:**
Carlo Wampach

## Numm vum Veräin:
Berbuerger Bitzbeien

## Gegrënnt:
den 17. Oktober 2017 vun enger engagéierter Berbuerger Mamm a Bitzbei

## Presidentin:
Marcella Olivi

## Sekretärin:
Carole Weydert

# Berbuerger Bitzbeien

## Beschreiwung vum Veräin

Eise Veräin besteet aus Leit, déi sech zesummefonnt hunn aus Begeeschterung fir dee selwechten Hobby. Mir sinn awer kee Bitzcours, mee ee Bitzclub wou jidderee lo scho bitze kann. Jidderee bitzt op wat e Loscht huet.

## Aktivitéiten – Trainingen

Mir treffen eis reegelméisseg Mëttwochs ab 20:00 zu Berbuerg fir zesummen e gesellegen Owend zesummen ze verbréngen. Mir huelen all Joer um Berbuerger Maart deel. **Dëst Joer hu mir och nach Maske fir Kleng a Grouss gebitzt.**

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

7 Memberen

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Mir hunn eis alleguer d'Bitze selwer bäibruet an hëllefen eis géigesäiteg bei eise perséinleche Projeten. De kreativen Austausch ënnertenee motivéiert fir ëmmer nees nei Saachen auszeprobéieren.



## Website
Berbuerger Bitzbeien

**Numm vum Veräin:**
Fiischen-Bitz-Treff Manternach

**Gegrënnt:**
2018


**Presidentin:**
Jil Wassmann


**Sekretärin:**
Jenny Origer


# Fiischen-Bitz-Treff Manternach

## Beschreiwung vum Veräin

Bomien, Mammen, Dammen, a Meedercher di gäre bitzen an sech am Bitze weiderentwéckele wëllen. Mir bitze fir eis privat, jidderee säint, mir maachen awer och gemeinsam Projet'en. Mir bitzen och Saache fir dann op engem Maart ze verkafen.








## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)


Mir sinn 8 aktiv Bitzmemberen a mir hunn nach 4 Hellefsmemberen.

## Aktivitéiten – Trainingen

Normalerweis treffe mir eis all Donneschde vun 18–20 Auer zu Manternach. Duerch Corona ass dat lo net de Fall.

**Kontakt:**
Tel.: 691 567 620 (Jenny Origer)





**Numm vum Veräin:**
Classic Vehicle Club Berbourg

**Gegrënnt:**
07.09.2018

**President:**
Lederlé Serge

**Sekretärin:**
Lederlé Rippinger Aline

# Classic Vehicle Club Berbourg







## Beschreiwung vum Veräin

Mir sinn een Oldtimer Veräin wou mir al Gefierer sammelen a mat deene mir Ausfaarten organiséieren.

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

52 Memberen

## Aktivitéiten – Trainingen

**Ausfaarten**
**Op Oldtimertreffe fueren**
**Ausstellungen**
**Besuch vun Oldtimeraustellungen**

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Mat eise Memberen zesumme mat eisen Autoen eppes ze ënnerhuelen.




### Website

www.classic-vehicle.lu
Classic Vehicle Club Berbourg


### Kontakt:

Lederlé Aline
5a Neie Wee | L-6830 Berbourg
**Mail: alinelederle@live.de**
Tél.: 691 191 066

**Numm vum Veräin:**
Fraën a Mamme Lelleg

**Gegrënnt:**
1971

**Presidentin:**
Florence Plumer-Schenten

**Sekretärin:**
Cindy Plumer

# Fraën a Mamme Lelleg

## Beschreiwung vum Veräin

D'Fraën a Mamme vu Lelleg kommen e puermol am Joer zesummen, fir flott Evenementer ze organiséieren.

**Mir sinn houfreg drop, dass mir all Joer mindestens eng karitativ Organisatioun ënnerstëtze kënnen.** Mir hu Freed derbäi, selwer ze kachen an ze baken, sief et Gulaschzopp fir de Kiermesbal, Gromperenzalot no traditionellem Rezept fir de Sunday Lunch, hausgemaache Kniddelen an Äppelkompott fir de Kniddelowend oder selwer gebake Kuchen, Taarten a Kichelcher.

Mir schnëssen a laache gär zesummen a mat all de Leit, déi bäi eis luusse kommen. Eemol am Joer gi mir och zesummen e gudde Maufel iessen. Donieft leeë mir Wäert drop, eis Duerfkanner mat anzebezéien, sief et duerch d'Organisatioun vum Liichtegoën oder e Spilleck bäi eisem Sunday Lunch.

## Zuel vun aktive Memberen

21 Memberen

## Aktivitéiten – Trainingen

Nokiermesbal, Liichtmëssdag mat de Lelleger Kanner, Sunday Lunch, Kniddelowend

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Dräi Generatiounen erhale Lelleger Traditiounen a verbannen se mat Modernem.

**Website:**
Fraën a Mamme Lelleg

**Kontakt:**
florence.plumer@outlook.com

## Numm vum Veräin:
Rudden Hunn Berbuerg

## Gegrënnt:
2010

## President:
Pierre Wampach

## Sekretär:
Romain Casel

# Rudden Hunn

## Beschreiwung vum Veräin

Mir hunn eis den 01.01.2010 als Amicale vun de fréiere Berbuerger Pompjeeën, déi am neie Corps Communal opgaange sënn, gegrënnt. Den Numm vum Veräin ass bewosst gewielt ginn, sollt een dach ee Bezuch zou Feier a Pompjeeën hunn. Eis war et wichteg déi gesellschaftlech Gebräicher um Duerf bäizebehalen.

## Zuel vun aktive Memberen
65 Memberen aus all Altersgruppen

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Ouni eise Veräin géingen déi genannten Aktivitéiten deelweis net méi zou Berbuerg existéieren. Een Deel vun de Membere së schonns eeler. An eisem Veräin fannen si sech nach wuel.

## Aktivitéiten – Trainingen

Mir organiséieren all Joer d'Buergbrennen um Samschden no der Fuesent an d'Vizfest am Oktober. Weider maache mir eng Lietsch an Kader vun der Holzstee vun eiser Gemeng. Och pake mir eng Hand mat u bei enger Rei vun anere Manifestatiounen, wéi 1. Mee-Feier, Multi-Kulti, Feier um Nationalfeierdag oder bei enger gréisserer Sportveranstaltung, déi vun der Gemeng oder eiser lokaler Veräinsentente organiséiert ginn.

**Wichteg ass eis kommunal Pompjeeë mat engem järlechen Don ze ënnerstëtzen.** Weider maache mir och aneren Organisatiounen déi am Benevolat schaffen ee reegelméissegen Don.

**Och sollen eis Memberen net ze kuerz kommen. Sou organiséiere mir mol gären een Eessen oder mir ginn zesummen op een Ausfluch.**

## Kontakt:
rcasel@pt.lu

## Numm vum Veräin:
Syndicat d'Initiative de Manternach

## Gegrënnt:
1985

## President:
Josy Fisch

## Sekretärin:
Marylène Heinz-Kayser

# Syndicat d'Initiative de Manternach

## Beschreiwung vum Veräin

Eng Asbl zur Fleeg vun Natur, Kultur sou wéi geschichtlechen a mënschleche Wäerter an der Gemeng.

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

**11 Memberen am Kommitee:**
(Josy Fisch, Georges Oswald, Monique Frisch-Picard, Marylène Heinz-Kayser, Georges Konsbrück, Christiane Merten-Roth, Sylvie Molitor, Félicie Vitali-Schneider, Albert Schumacher, Marc Strotz, Claude Theisen)

## Aktivitéiten – Trainingen

Vun Ufank un huet de S.I.M. sech agesat fir d'Uleeën an den Ënnerhalt vun de Wanderweeër ëm Manternach. Dozou zielen den Naturléierpad „Sentier Pierre Moes", de „Circuit Autopédestre", d'„Nordic-Walking Piste" a säit 2014 d'Traumschleife „Manternacher Fiels", déi am Verbond vun den Traumschleifen Saar-Hunsrück gläich mat 90 vun 100 méiglecheche Punkten zertifiéiert gouf an domat als déi 4. schéinst vun deemools 111 Traumschleifen ausgezeechent gouf, a säithier all Joer Dausende vu begeeschterte Wanderer an Naturfrënn an eis Géigend zéit.

Gläich am Grënnungsjoer 1985 hat de S.I.M. sech intensiv a mat Erfolleg agesat fir den Uschloss vu Manternach un d'Gemeinschaftsantenn vu Gréiwe-maacher an och vun Ufank un si mir selbstverständlech och all Fréijoer bei der „Grousser Botz" derbäi.

Organisatioun vu kulturellen, gesellegen a kulinareschen Eventer fir d'Awunner vun der Gemeng Manternach an hir Frënn a Gäscht. Fleeg vum Kontakt mat de Leit an der Gemeng a mat aneren Organisatiounen. **Säit méi wéi 30 Joer huet de S.I.M. all Joer Ufank Dezember déi mëttlerweil wäithi bekannt a beléift Journées Gibier organiséiert, dernieft flott Owenter mat Musek a Cabaret an ëmmer nees geféiert Wanderungen duerch d'Naturgebitt Manternacher Fiels.**



1989 hat de S.I.M. beim Wil LOFY (1937-2021) eng Bronzeskulptur vum „Manternacher Steefuuss“ an Optrag ginn. De „Steefuuss“ steet säithier am Duerfkär an zanter e puer Joer charakteriséiert säi markante Profil och d’Etikett vum Wäin aus der Manternacher Fiels.

Am Joer 2000 huet de S.I.M. am Häerz vum Naturreservat Manternacher Fiels en Areal vun 42 Ar mat 2 klenge Chalete kaaft. A jorelaanger Aarbecht goufen si renovéiert a säithier ginn hei am „Fuussebau“ vill sympathesch Fester gefeiert, z.B. d’1.-Meefeier vun der Entente des Sociétés. (Avis aux amateurs: Interessente kënnen de „Fuussebau“ och lounen). **Net wäit vum Fuussebau ewech gehéiert dem S.I.M. de Wäibierg „Manternacher Fiels“, wou zanter 2002 a beschter Südhanglag op 38 Ar Pinot Gris- an Auxerrois-Drauwen ugebaut a gelies gi fir da vum beschtbekannte Wënzer Abi Duhr zu deene Wäiner verschafft ze ginn, déi bei de Gäscht vum S.I.M. ëmmer e groussen Uklang fannen.**

Am Joer 2007 hat de S.I.M. sech ausserdeem um europäesche Kulturprojet „Straße der Römer“ bedeelegt an am Ausgang vu Mënschecker Richtung Waasserbëlleg ee Meilesteen opgeriicht, deen op déi réimesch Geschicht vun eiser Géigend hiweist.





## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Zesummen an a gudder Relatioun mam Fieschter an der Forstverwaltung fir d’Verschéinerung, d’Erhalen an den Ënnerhalt vun de Wanderweeër an der herrlecher Natur ronderëm Manternach ze suergen.

Freed um Kontakt an Austausch mat den Awunner aus der Gemeng a mat eisen auswäertege Frënn.

Ganz besonnesch awer och d’Freed un engem liewegen an harmonesche Veräinsliewen an enger frëndschaftlecher Ambiance.

**Kontakt:**
Josy Fisch:
+352 661 71 01 91
Marylène Heinz-Kayser:
+352 621 22 85 95

### Numm vum Veräin:
Mënjecker Kueben asbl

### Gegrënnt:
17.12.1996

### Presidentin:
Rosi Thoss-Lehmann

### Sekretärin:
Françoise Dohm-Floriot

# Mënjecker Kueben

## Beschreiwung vum Veräin

Traditionellt a gesellschaftlecht Liewen am Duerf bäibehalen an d'Leit zesummebréngen

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

45 Memberen

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Traditiounen ze fleege wéi z.B am Juli op Jokesdag, d'Mënjecker Kiermes ze féieren an all éischte Freideg am Mount ee flotten Owend am Kuebe-café ze organiséiere fir dat d'Leit zesumme kommen an ee flotten Owend verbréngen. An dat ganzt an eisem klenge Festsall mam Häffchen.





**Website:**
Mënjecker Kueben

**Kontakt:**
kuebeclub@hotmail.com

## Numm vum Veräin:
Geschichtsfrënn Manternach

## Gegrënnt:
12. Mäerz 2015

## President:
Roby Mehlen

## Sekretärin:
Marylène Heinz-Kayser

# Geschichtsfrënn Manternach

## Beschreiwung vum Veräin

Mir sinn en nach jonke Veräin, dee sech mat der gutt geféllter Geschichtschronik vum Duerf Manternach an doriwwer eraus der Gemeng befaasst.


Dozou gehéiert d'Sammelen, d'Auswäerten an d'Archivéiere vu Fotoen, Dokumenter a Saachen, déi mat eiser lokaler Geschicht ze doen hunn. Mir organiséieren thematesch Ausstellungen a Konferenze resp. historesch Wanderungen, awer och Visitten oder Ausflich um nationale Plang.

Mir freeën eis iwwer jiddwer neie Member, besonnesch wann en intresséiert ass, eng Hand mat unzepaken.



## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

ca. 40 Memberen




## Kontakt:
Roby Mehlen
+352 710 171
romehlen@pt.lu

## Numm vum Veräin:
Centre d'Incendie et de Sauvetage (CIS) Manternach

## Gegrënnt:
1909

## Chef de Centre:
Christian Weis

## Chefs de Centre adjoints:
Daniel Weis / André Gillen

# Centre d'Incendie et de Sauvetage Manternach

## Beschreiwung vum Veräin

Den Centre d'Incendie et de Sauvetage (CIS) MANTERNACH als Unitéit vum Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Sauvetage (CGDIS) ass zoustänneg fir senge Matmënschen an allen Nout-situatiounen zur Hëllef ze kommen.

Am CIS MANTERNACH ass och eng Jugend-Sektioun, ënnert der Leedung vum Marie SATTLER, integréiert, wou déi Jonk vun 8 Joer un, kënnen am Rettungswiesen aktiv ginn.

Do dernieft hu mir eng AMICALE vun de Pompjeeën (Pompjeeën Gemeng Manternach asbl.), déi de CIS MANTERNACH ënner-stëtzt a verschidde Manifestatiounen, wéi z.B. d'Buergbrennen, organiséiert.

## Aktivitéiten – Trainingen:

**Ronn 100 Asätz pro Joer**
**Permanencen 24 / 24h**
**All Méindeg hu mir Übung / Entretien: 19.30h – 21.30h**
**All 3. Mëttwoch am Mount hu mir Übung: 17.30h – 19.30h**
**Jugend-Übung: all 2. a 4. Méindeg am Mount: 17.30h – 19.30h**

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Dat ganzt Joer si mir ronderëm d'Auer fir eis Matbierger do, fir hinnen an allen erdenklechen Noutsituatiounen ze hëllefen.

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

48 Memberen

## Website:
www.spcm.lu

## Kontakt:
info@spcm.lu
Tel: 49771-4576

## Numm vum Veräin:
Chorale Ste Cécile Manternach

## Gegrënnt:
1893

## President:
Roby Mehlen

## Sekretärin:
Christiane Merten-Roth

# Chorale Ste Cécile Manternach

## Beschreiwung vum Veräin

Mir sinn e Veräin mat enger iwwer 125-järeger Traditioun, deen haaptsächlech de Kierchegesank praktizéiert. Zanter drësseg Jar sange mer mat der Chorale vu Lelleg zesumme Sonndes-a Feierdagsmassen, bei Hochzäiten, Begriefnesser, dem Nationalfeierdag, der Journée de la Commémoration, eng Radiosmass asw.

Mir sangen awer och vun Zäit zu Zäit „weltlech“ Lidder a gesinn et als eng Verflichtung, dee räiche Patrimoine vu Lëtzebuerger Lidder lieweg ze halen. D’Kiermes gi mer den Hämmelsmarsch sangen a mir maachen och vun Zäit zu Zäit e flotten Ausfluch vun e puer Deeg. Eis Prouwe sinn am Prinzip freides owes vun hallwer aacht bis néng Auer.

De Gesank ass eng besonnesch Form vu Musek, well déi eege Stëmm d’Museksinstrument ass. Zesumme sange mécht Freed an ass gutt fir déi physesch a psychesch Gesondheet, fir d’Gesellegkeet an de sozialen Zesummenhalt.

Jiddwereen, dee Freed um Sangen huet, ass häerzlech invitéiert, sech bei eis ze mellen a matzemaachen.

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

10 Memberen





## Kontakt:
Roby Mehlen
+352 710 171
romehlen@pt.lu

### Numm vum Veräin:
Bech-Berbuerger Musek

### Gegrënnt:
2009

### Presidentin:
Bohnenberger Viviane

### Sekretär & Sekretärin:
Stoos Claude, Clemens Ketty

# Bech-Berbuerger Musek

## Beschreiwung vum Veräin

Am September 2004 hunn déi zwou Duerfmuseken, d'Becher Musek an d'Berbuerger Musek, decidéiert zesummen ze musizéieren an verschidde Manifestatiounen zesummen ofzehalen.

An deenen zwou Museken, déi allebéid schonn 114, respektiv 117 Joer bestanen hunn, hat d'Zuel vun de Musikanten déi Jore virdru staark ofgeholl. **Zesumme kruten déi zwou Museken dunn nees ronn 40 Musikanten op d'Pult, a jiddereen hat nees Spaass Musek ze maachen.** Duerch d'Zesummenaarbecht mat der UGDA's Museksschoul, déi vun do un zu Berbuerg organiséiert gouf, koume vun do un Joer fir Joer nei jonk Musikanten derbäi.

Déi zwee éischt Joren huet de Rob Koeller d'Direktioun iwwerholl, deen duerno den Dirigentestab un ee jonken Dirigent, de Patrick Yves Hengen iwwerreecht huet, den de Veräin 11 Joer geleet huet.

Mam Ziel fir d'Jugendaarbecht am Veräin ze fuerdere gouf 2006 och de Jugendensembel Pink Notes gegrënnt, de mat 15 jonke Musikanten ugefaangen huet, an haut em déi 25 Musikanten zielt. **2009 ass aus deenen zwee Veräiner, déi ganz flott zesumme geschafft hunn, en neie Veräin gegrënnt ginn: d'Bech-Berbuerger Musek, déi 2019 hiren 10. Anniversaire feiert.**

D'Bech-Berbuerger Musek besteet aus bal 60 aktive Musikanten, a prouft all Donneschdeg vun 20.00 bis 22.00 Auer am Musekssall zu Berbuerg, 1, Schoul-strooss.

De Jugendensembel prouft op der selwechter Plaz och donneschdes, vun 18.45 Auer bis 19.45 Auer.

D'Direktioun vun deenen zwee Ensembelen huet den Dany Heuschen, d'Presidentin vum Veräin ass d'Viviane Bohnenberger.

D'BBM spillt all Joer 2 grouss Concerten, e Chrëschtconcert an der Becher Kierch an e Fréijoersconcert am Centre Beau-repaire zu Berbuerg. Do dernieft kommen all déi traditionell Manifestatiounen an deenen zwou Gemengen an eng Rei kleng Concerten op Fester ronderëm.

**D'Theme vun de Fréijars-Concerten an denen 10 Jar waren:**

- 2008: Wakantanka, e Kannermusical
- 2009: Sea World Fantasie
- 2010: Circo del Mondo,alles ronderëm den Zirkus
- 2011: BBM goes British
- 2012: BBM plays Walt Disney
- 2013: BBM plays Big-Band Musik

- 2014: BBM plays Best of Five
- 2015: BBM plays Popular Music
- 2016: BBM plays Flight to the spheres
- 2107: BBM plays Famous Movie Themes
- 2018: BBM plays Mythen a Legenden

**2019 waren d'Feierlechkeete fir 10 Joer BBM mat der Aweiung vum neie Fändel, dem neie Musekssall an engem ambitiéise Festprogramm**



## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

90 Memberen



## Aktivitéiten – Trainingen

Prouwen all Donneschtes am Proufsall zu Berbuerg:
**Pink Notes:** 18:45 Auer – 19:45 Auer
**BBM:** 20:00 Auer – 22:00 Auer

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Aktive Veräin
Vill Jugend
Gutt Stëmmung
Flott Concerten a Manifestatiounen
Gudden Zesummenhalt



**Website:**
http://bbm.lu

**Kontakt:**

Bohnenberger Viviane
vithoboh@pt.lu
11, Konsdreferstrooss
L-6230 Bech

Stoos Claude
clstoos@pt.lu
21, Keiwee
L-6831 Berbuerg

**Numm vum Veräin:**
Syndicat d’Initiative vu Berbuerg

**Gegrënnt:**
18 Abrëll 1997

**Presidentin:**
Monique Harpes-Weydert

**Sekretär:**
Gérard Boby

# Syndicat d’Initiative de Berbuerg

## Beschreiwung vum Veräin

De Syndicat ass ee Veräin dee sech als Ziel gesat huet fir touristesch Aktivitéiten zu Berbuerg ze erhalen an auszebauen, d’Duerf méi schéin ze maachen a flott Aktivitéite fir all Bewunner unzebidden

## Zuel vun aktive Memberen

**40 Memberen**

## Aktivitéiten – Trainingen

De Syndicat këmmert sech ëm d’Erhalen an d’Uleeë vu Wander-Weeër zu Berbuerg. Schafft aktiv mat un der Verschéinerung vum Duerf. Organiséiert Aktivitéite fir d’Awunner vun der Gemeng wéi den Apéro-Pétanque, Tréppeltier asw...

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Et mécht Spaass an enger flotter Equipe eist schéint Duerf de Leit méi nozebréngen, fir den Awunner vu Berbuerg an der Gemeng Aktivitéiten unzebidden an dofir ze suergen dass déi touristesch Infrastruktur tipptopp an der Rei bleift a wou et méiglech ass ausgebaut ka ginn.



**Website:**
SIBerbuerg

**Kontakt:**
harpeswe@pt.lu
gerardboby@yahoo.fr

**Numm vum Veräin:**
Chess-Atmosphere Manternach asbl.

**Gegrënnt:**
22. Januar 2019

**President:**
Guy Simon

# Chess-Atmosphere Manternach

## Beschreiwung vum Veräin

Schachveräin, Member vun der Fédération Luxembourgeoise des Echecs.

## Zuel vun aktive Memberen (Kanner + Erwuessener)

12 Memberen

## Gréissten Erfolleger

**Zweemol drëtt Platz** bei den nationale Jugendmeeschterschaften 2020

## Aktivitéiten – Trainingen

Wöchtentlechen Training, wärend der Pandemie online.

## Wat mécht äre Veräin fir iech besonnesch?

Eise Schwéierpunkt um Schach fir Kanner als Beitrag zur Entwécklung vum Kand.



**Website**
www.chess-atmosphere.lu

**Kontakt:**
manternach@chess-atmosphere.lu



Sidd dir ee Veräin aus der Gemeng an hutt eppes wat dir gäre géift an der nächster Ausgab vum Gemengebuet präsentéieren?

Da schéckt eis Fotoen an Texter op folgend Mail:

**secretariat@manternach.lu**

Merci!

veräins buet

GEMENG manternach